LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung a vum Här Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro n° 6916 vum 28. September 2022 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup iwwer d'Zuel vun de Studenten, déi am Ausland studéieren**

Mir reagéieren op dem honorabelen Deputéierte seng Froe mat dëse Prezisiounen.

Vun den 28.397 Studenten, déi am Ausland studéieren an eng finanziell Hëllef vum Staat kréien, sinn eng ronn 16.000 Resident zu Lëtzebuerg, 7.000 si Resident a Frankräich, 4.000 Resident an der Belsch, 1.100 Resident an Däitschland an de Rescht an anere Länner.

Vun de 16.000 Studenten, déi Resident zu Lëtzebuerg sinn an am Ausland studéieren, sinn 8.750 Fraen an 7.250 Männer, 12.400 hunn déi lëtzebuerger Nationalitéit, 900 déi franséisch Nationalitéit, 700 déi portugisesch Nationalitéit, 500 déi belsch Nationalitéit, 250 déi däitsch Nationalitéit an de Rescht huet eng aner Nationalitéit.

De Ministère fir Héichschoul a Fuerschung bréngt all Joer fir d'Rentrée académique d'Publicatioun "Chiffres-clés de l'enseignement supérieur" eraus, wou ënner anerem detailléiert Zuelen dra sinn iwwer d'Studenten, déi Resident zu Lëtzebuerg sinn.

Lëtzebuerg, den 28. Oktober 2022

De Minister fir Héichschoul a Fuerschung

(s.) Claude Meisch

18-20, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85206
www.mesr.gouvernement.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu